Stellungnam zum *Budget rectifié 2020* an zum *Budget initial 2021*

Här Buergermeeschter,
Dir Häre Schäffen,
Dir Damen an Häre Conseilleren,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Trotz Coronavirus an deenen doduerch entstane wirtschaftleche Problemer weist de Budget weiderhin e groussen Iwwerschoss aus:

Evolution de l'excédent ordinaire depuis 2015

mio €	Compte **2015**	Compte **2016**	Compte **2017**	Compte **2018**	Compte **2019**	B. rectifié **2020**	B. init. **2021**
Total	7,51	9,54	10,26	8,48	15,85	10,05	9,57
Evolution	100%	127,1%	136,7%	112,9%	211,0%	133,9%	127,4%

Esou leit den Iwwerschoss am ordinäre Budget vun 2020 an 2021 trotz Kris iwwert deem vun de Joer 2015, 2016 an 2018. Just 2017, a virun allem 2019 louch e méi héich.

D'Fluktuatioun vum uerdentlechen Iwwerschoss hänkt staark mat der Evolutioun vun de Recetten aus der Gewerbesteier (ICC) an deem neien *Fond de Dotation globale de l'Etat* (FDGC) zesummen. An domat vun der méi oder manner gudder Konjunktur.

Evolution ICC et FDGC depuis 2015

mio €	Compte **2015**	Compte **2016**	Compte **2017**	Compte **2018**	Compte **2019**	B. rectifié **2020**	B. init. **2021**
ICC*	8,72	12,23	4,34	-1,59	5,11	4,37	4,50
FDGC**	12,77	13,15	22,94	26,76	29,38	26,28	28,04
Total	**21,49**	**25,38**	**27,28**	**25,16**	**34,50**	**30,64**	**32,54**
Evolution	100%	118,1%	126,9%	117,1%	160,5%	142,6%	151,4%

* ICC = Impôt commercial communal ** FDGC = Fonds de dotation globale des communes (avant 2017 : FCDF)

2021 sollen dës 2 Recetten zesummen 32,54 Milliounen Euro ausmaachen. Iwwert 11 Millioune méi ewéi nach 2015 (oder plus 51,4 Prozent).

Mat der Gemengenfinanzreform, déi ab 2017 wierksam gouf, ass zwar de Poste vun der Gewerbesteier méi kleng ginn, mee de Poste vun der *Dotation de l'Etat* (fréier den FCDF, elo den FDGC) ass gewuess. Och den Total vun deenen 2 Posten ass méi grouss ginn. An dat ass wesentlech.

Als *Impôt commercial communal* gëtt elo nach just deen Deel ausgewisen, deen an der Gemeng bleift (35 Prozent vum Gesamtbetrag). De Rescht geet NET, wéi heiansdo iertemlecherweis behaapt gëtt, "op aner Gemengen verdeelt". De Rescht fléisst an en nationaalt "Dëppen", zesumme mat anere staatleche Recetten, a gëtt dann no engem komplexe Schlëssel un ALL d'Gemenge verdeelt.

D'Gemeng kritt also méi ewéi 35 Prozent vu sengem ICC, just geet dat net méi aus den Zuelen ervir.

Dëse Verdeelungsschlëssel, "*Perequatioun*" genannt, ass d'Fundament vun der interkommunaler Solidaritéit!

Et gouf en och schonns virun 2017 - just an enger anerer Form.

E puer räich Gemengen hunn deen neie System a Fro gestallt an hu virum Verwaltungsgeriicht geklot. D'*Cour admistrative* huet elo an zwee Fäll en definitiivt Urteel gesprach an d'Kloen an alle Punkten zeréckgewisen. Deen neie System wier konform zur Constitutioun an zur *Charte européenne de l'autonomie locale*. D'*Cour* huet dorops higewisen, dass et niewent der Gemengen-Autonomie och eng Verflichtung zur Solidaritéit tëschent de Gemenge gëtt. Dat steet ganz kloer esou an der europäescher Charta vun der Gemengen-Autonomie (Artikel 9, Punkt 5):

« La protection des collectivités locales financièrement plus faibles appelle la mise en place de procédures de péréquation financière ou des mesures équivalentes destinées à corriger les effets de la répartition inégale des sources potentielles de financement ainsi que des charges qui leur incombent. [...] »

Och d'Gemeng Mamer huet an der rezenter Vergaangenheet vun dëser Solidaritéit profitéiert!

D'lescht Joer hu Dir, Här Buergermeeschter, bei der Presentatioun vun de Konten erkläert, firwat eis Gemeng 2018 keng Gewerbesteier krut respektiv firwat si esouguer Suen huet missen zréckbezuelen. Dat hätt mat Spekulatioune vun engem Betrib um Devise Marché ze dinn: fir d'éischt grouss Gewënner an duerno grouss Perten. Ob de Staat d'Variatioune bei de Steierrecettë richteg oder falsch verbucht huet, dat sollt e Geriicht feststellen.

Mir wëlle wëssen: Wéi steet et an dëser Affär ?

Fir d'Entwécklung vun den *Dépenses extraordinaires* an der Zukunft méiglechst realistesch aschätzen ze kënnen, wier et onbedéngt erfuerderlech, dass dem Gemengerot mam Budget en Tableau mat allen Investitioune virgeluecht géif ginn. En Tableau, deen déi geplangten Ausgabe fir all d'Posten iwwert 2021 eraus opweist. Esou ewéi dat Joerzéngte laang üblech war an der Gemeng Mamer.

Dir hat dem Gemengerot dat versprach fir dëst Joer, Här Buergermeeschter. Mee et ass leider nees net geschitt. Am Dossier leit just de PPF (*Plan Pluriannuel Financier*) vun 2020, deen awer schonns depasséiert ass well nach mat den Donnéeë vum Budget initial. Mee virun allem gëtt dës Opstellung keng Vue op den Detail vun de Projeten.

Mir mussen eis hei also nees eng Kéier op déi allgemeng Zuele beschränken.

Fir 2021 an duerno kënnegt de Schäfferot grouss Investitiounen un, wéi déi folgend Opstellung vun den *Dépenses extraordinaires* weist:

Evolution des dépenses extraordinaires depuis 2015

mio €	Compte **2015**	Compte **2016**	Compte **2017**	Compte **2018**	Compte **2019**	B. rectifié **2020**	B. init. **2021**	PPF 2020 **2022**	PPF 2020 **2023**
Total	17,17	11,03	11,48	12,25	11,20	17,43	34,57	35,70	34,70
Evolution	100%	64,2%	66,9%	71,4%	65,2%	101,6%	201,4%	207,9%	202,2%

Mir gesinn, dass déi geplangten Investitiounen an deenen nächste Joren duebel esou héich solle sinn ewéi 2020 oder 2015. A méi ewéi 3 mol esou héich ewéi an de Joer 2016 bis 2019. Op dat och ëmgesat gëtt, dat musse mir nach gesinn.

E Bléck op déi lescht Joer weist nämlech, dass tëschent Budget a Kont zum Deel grouss Differenze bestinn:

Dépenses extraordinaires : budgétisées vs réalisées

mio €	Compte **2015**	Compte **2016**	Compte **2017**	Compte **2018**	Compte **2019**	B. rectifié **2020**
Réalisé	17,17	11,03	11,48	12,25	11,20	17,43
Budget initial	19,10	11,10	16,60	19,44	24,35	29,30
Différence	-1,93	-0,08	-5,11	-7,19	-13,15	-11,87
Taux réalisé	**89,9%**	**99,3%**	**69,2%**	**63,0%**	**46,0%**	**59,5%**

Esou sinn an deene leschte 4 Joer maximal 70 Prozent vun deene geplangten Aarbechten effektiv realiséiert ginn. 2019 waren et esouguer nëmme 46 Prozent: fir just 11,2 amplaz 24,35 Milliounen.



Huet d'Gemeng net genuch *Manpower* fir all déi Projeten termingerecht ëmzesetzen?

Oder hat d'Gemeng déi lescht Joer ze vill Suen?

Trotzdeem ass geplangt, eng nei Taxe anzeféieren, eng sougenannt "*Surtaxe communale sur les droits d'enregistrement*". Dës "*Surtaxe*", e *Copy-Paste* vum Reglement vun der Stad Lëtzebuerg, soll just d' *Mutations immobilières* viséieren, "déi net fir Wunnzwecker geduecht sinn". Firwat hu dir de Kredit vun 300 000 Euro dann am Budget ënnert dem Logement agedroen (*2/690 Autres logements et équipements collectifs*) ?

Zur Informatioun: am Budget vun der Stad Lëtzebuerg steet dee Posten ënnert der Rubrik *2/170 Ressources non affectées*, als "*Taxes liées à l'urbanisation*", mat 24,5 Milliounen Euro oder bal 40 Prozent vum Betrag vum *Impôt commercial* !

Grouss Projeten

Déi gréisste Posten am *Budget extraordinaire* sinn den *Apport en capital* un d'Gemengen-Syndikater SICA (4/510/238129/99001 S : 2 025 700 Euro) a SIDERO (4/520/238120/99001 S : 6 350 450 Euro). De SICA baut en neie regionale Recycling-Park zu Kielen. D'Sue fir den Ofwaassersyndikat SIDERO gi gebraucht fir den Ausbau an d'Moderniséierung vun der Mamer Kläranlag. "Ronn 20 Milliounen Euro" soll dat d'Gemeng insgesamt kaschten.

Och wann dës Aarbechten duerch Syndikater realiséiert ginn - déi gréng sinn der Meenung, dass aus Grënn vun der Transparenz, de Gemengerot besser iwwert dës grouss Projete misst informéiert ginn. Ëmmerhi maachen si e beträchtlechen Deel vun eisem *Budget extraordinaire* aus – nämlech knapp e Véierel an de Joer 2016 bis 2021. Dëst Joer waren et esouguer 38,8 Prozent.

Apport en capital – Part des dépenses extraordinaires

	SICA	Part	SIDERO	Part	Part commune
Compte 2016	1 285 526,32 €	11,7%	323 436,11 €	2,9%	14,6%
Compte 2017	74 359,39 €	0,6%	1 136 996,33 €	9,9%	10,5%
Compte 2018	74 359,39 €	0,6%	2 140 786,24 €	17,5%	18,1%
Compte 2019	250 903,51 €	2,2%	2 808 924,09 €	25,1%	27,3%
Budget rectifié 2020	2 096 371,00 €	12,0%	4 675 410,00 €	26,8%	38,8%
Budget initial 2021	2 025 700,00 €	5,9%	6 350 450,00 €	18,4%	24,2%
Total 2016 - 2021	**5 807 219,61 €**	**5,9%**	**17 436 002,77 €**	**17,8%**	**23,7%**

Ech soen all de Leit Merci déi gehollef hunn d'Dokumenter vum Budget zesummen ze stellen.

A soen iech Merci fir d'Nolauschteren.